Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 05/12/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kultur & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Zu Rodange läit hannert den Tankstelle bei der Grenz nach eng grouss fräi Fläch vun 13 Hektar, déi als Zone d'Activités Grand Bis klasséiert ass. De Péitenger Gemengerot hat viru ganz laanger Zäit ee PAP fir déi Zon ausgeschafft an et gëtt nëmmen nach drop gewaart, fir dës Wirtschaftszon endlech kënnen z'erschléissen. All dës Terraine gehéieren dem Staat, mee zënter Joren ass awer nach kee Fortschrëtt ze gesinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéini gouf et dee leschte Kontakt tëschent de Verwaltunge vum Staat an der Péitenger Gemengeverwaltung betreffend der Zone d'Activités Grand Bis?
2. Wat ass den aktuelle Stand vun der Aktivitéitszon Grand Bis? Firwat dauert et esou laang, fir hei endlech mam Bauen unzefänken?
3. Wéini rechent d'Regierung domadder, dass déi éischte Baggere rullen?
4. Bis wéini soll d'Aktivitéitszon fäerdeg gestallt ginn?
5. Mengt d'Regierung, dass den Dossier méi schnell géing virukommen, wann een d'Terrainen der Gemeng géing iwwerloossen, fir de Projet ze realiséieren? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten